CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
24 JAN. 2020
1775

PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/01/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Bildung weiderzeleeden.**

Fir ze garantéieren, datt d'Kanner an d'Schoul kenne goen, egal wéi wäit hier Schoul vun hirem Doheem ewech ass, gëtt zu Lëtzebuerg vun ëffentlecher Säit aus e Mobilitéitsservice offréiert.

Am Reegelschoulberäich ass et esou, datt de Staat just fir Schoulen um lëtzebuergeschen Territoire e Busservice ubitt. Well awer eng gewëssen Unzuel u Kanner mat spezifesche Besoinen am Ausland beschoult gëtt, fueren e puer Busser och all Mueren iwwert d'Landesgrenzen eraus.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Schoulen am Ausland gi vu Kanner mat besonnesche Besoinen, déi zu Lëtzebuerg ugemellt si, besicht? Em wéi vill Kanner handelt et sech hei?
2. Wat sinn d'Grënn dofir, datt dës Kanner Strukturen am Ausland besiche mussen? Feelt et an de lëtzebuergesche Strukturen u Schoulplaze fir des Kanner oder feelt et u passende Strukturen?
3. Wéi vill Allez-Retouren, déi iwwert d'Landesgrenzen eraus ginn, gi pro Woch vum Schoulbusservice gefuer? Wéi vill Kilometer erginn sech esou an absolutten Termen an am Terme vu Passagéierkilometer?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Här Claude Meisch, Minister fir Education, Kanner a Jugend, op d'parlamentaresch Fro n°1775 vum 24 Januar 2020 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement zum Sujet "Transport d'élèves à besoins spécifiques à l'étranger"**

1. **Wéi vill Schoulen am Ausland gi vu Kanner mat besonnesche Besoinen, déi zu Lëtzebuerg ugemellt sinn, besicht? Em wéi vill Kanner handelt et sech hei?**

An dësem Zesummenhang ass wichteg, ze preziséieren, datt den Educatiounsministère nëmmen d'Unzuel vun deene Kanner kennt, déi iwwert déi fréier Commission médico-psycho-pédagogique nationale (CMPPN) oder déi aktuell Commission nationale d'inclusion (CNI) an d'Ausland orientéiert gi sinn. Dëst, well Eltere vu Kanner, ob mat oder ouni spezifesch Besoinen, de Choix hunn, wou si hir Kanner aschoulen, an den Educatiounsministère net mussen doriwwer informéieren.

D'CNI ass op den 1. Januar 2020 Gestionnaire vun 71 Dossiere vun Schüler gewiescht, déi entweeder vun der fréierer (59 Schüler) oder vun der aktueller CNI (12 Schüler) an eng spezialiséiert Institutioun oder eng Schoul am Ausland orientéiert gi sinn.

Vun dësen insgesamt 71 Schüler sinn:

41 Schüler an der Belge scolariséiert, verdeelt op 16 verschidde Schoulen,

27 Schüler an Däitschland scolariséiert, verdeelt op 19 verschidde Schoulen,

2 Schüler an Portugal scolariséiert, verdeelt op 2 Schoulen,

1 Schüler ass a Spuenien scolariséiert.

2. **Wat sinn d'Grënn dofir, dass dës Kanner Strukturen am Ausland besiche mussen? Feelt et an de lëtzebuergeschen Strukturen u Schoulplazen fir dës Kanner oder feelt et un passende Strukturen?**

Zanter der Kreatioun vun de Kompetenzzentere gëtt vun der CNI, entspriechend dem Artikel 30 vum Gesetz vum 20. Juli 2018 *"portant création de Centres de Compétences en psycho-pédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire"*, just eng Beschoulung am Ausland proposéiert fir de Fall, wou keng adaptéiert Prise en charge vun engem Kompetenzzenter zu Lëtzebuerg proposéiert konnt ginn. Dëst betrëfft z. B. Kanner, déi keng vun den üblече Schoulsprooche beherrschen.

D'Zuel vun de Schüler, déi wéinst hire spezifesche Besoinen am Ausland scolariséiert ginn, ass an de leschte Jore réckleefeg a konnt wärend dem Schouljoer 2018-2019 weider reduzéiert ginn: Insgesamt 15 Schüler sinn hei nees an de Lëtzebuerger Schoulsystem integréiert ginn, a profitéieren elo vun den Hëllefstellunge vun deenen neien Kompetenzzenteren .

3. **Wéi vill Allez-Retouren, déi iwwert d'Landesgrenzen eraus ginn, gi pro Woch vum Schoulbusservice gefuer? Wéi vill Kilometer erginn sech esou an absolutten Termen an am Terme vu Passagéierkilometer?**

D'CAPABS Transporter, déi den Transportdepartement fir Schüler mat spezifesche Besoinen organiséiert, desservéieren Schoulen an eisen 3 Nopeschlänner.

2019 goufen insgesamt 783.867 Kilometer an d'Ausland gefuer.

D'Unzuel vun den „Prises en charge", d.h. wou d'Kanner betreit an de Bus gesat ginn wann de Bus fortfiert an empfaange ginn wann de Bus ukënnt, läit 2019 bei 11.505.

Am Detail pro Land:

| | | |
|---|---|---|
| Richtung Belsch: | 622.090 km | 8.808 prises en charge |
| Richtung Däitschland: | 155.243 km | 2.489 prises en charge |
| Richtung Frankräich: | 6.534 km | 198 prises en charge. |